ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an un den Här Minister fir Tourismus weiderzeleeden.

Eng DC-3 aus Südafrika, déi däitsche Geschäftsleit gehéiert, ass elo an Irland ugemellt ginn, well dëst zu Lëtzebuerg trotz intensive Beméiungen (Artikel am Luxemburger Wort vum 29. Juli 2017) net méiglech war. Si flitt do an den historesche Fuerwen als Maschinn vun der irescher Fluggesellschaft. Ech hätt an deem Zesummenhang e puer Froen un déi zoustänneg Ministeren.

1. Kann den zoustännege Minister konfirméieren, datt esou eng Maschinn aus Südafrika net konnt zu Lëtzebuerg ugemellt ginn? Wat waren d'Grënn fir déi Blockade?
2. Wéi verfiert Lëtzebuerg mam Umelle vun historesche Fligere?
3. Wéi erklärt sech, datt eng Maschinn vun der IAA (Irish Aviation Authority) eng Aggregatioun kritt, an net zu Lëtzebuerg?
4. Huet all Land seng eege Reegelen oder ass dëst europäesch geregelt? Sinn d'Reegelen zu Lëtzebuerg eventuell méi streng, wéi an aner Länner a wéi eventuell EU-Reglementatiounen?
5. Hätt den Asaz vun esou enger Maschinn ënner Lëtzebuerger Fändel dem Land net eng flott Attraktioun geliwwert fir den Tourismus?
6. Hätt net och d'Lëtzebuerger Wirtschaft, a besonnesch Luxair a Cargolux, vun esou enger Maschinn fir Reklammszwecker kënne profitéieren?
7. Wär bei deem evidenten touristeschen a wiertschaftlechem Intérêt net eng méi kulant Haltung bei der Umellung vun deem Fliger ugerode gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique